Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 4698 vun den honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser a Jeff Engelen zum Sujet „Sirènes d'alerte des communes"

Zu Lëtzebuerg ass an all Gemeng op d'mannst eng Siren installéiert.

D'Regierung ass der Meenung, dass e Sirenenalarm als Warnsignal fir d'Bevëlkerung duerchaus Sënn mécht a wäert dëse Moyen an Zukunft och nees méi geziilt asetzen. An deem Fall mussen d'Awunnerinnen an Awunner am Virfeld natierlech iwwert déi richteg Mesuren opgekläert a sensibiliséiert ginn, déi am Kader vun engem Sirenenalarm ze huele sinn.

D'Sirene ginn haut am Kader vun engem nuklearen Accident agesat. Dës Weideren déngen d'Sirenen der Alarméierung vun de Pompjeeën am Fall, wou déi regulär Alarméierungsmethode sollten ausfalen.

D'Lëscht vun de Warnsignaler steet um Internetsite vun Infocrise.lu: https://infocrise.public.lu/fr/accident-nucleaire/plan-gouvernemental/avertissement-population.html. Zousätzlech zur Beschreiwung vun de 4 verschiddenen Type vun Alarmsignaler kann een den Toun och lauschteren.

En allgemengt Warnsignal souwéi en Héichwaasserwarnsignal ginn et de Moment net. Wéi awer schonn uewe gesot, verschléisst sech d'Regierung der Iddi net, fir d'Sirenen an Zukunft do, wou et Sënn mécht, nees méi geziilt anzesetzen.